N° 51 | ABRËLL 2019

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum

**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Abrëll 2019

**Redaktiounsteam**
Sven BETTENDORF
Marianne BROSIUS
Marie-Louise HAAS
Dany HERMES
Marc KOLBER
Roland MINY
Delphine NOTARNICOLA
Lis WEBER
Frank WEYRICH

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Elterevereenegung
Schäfferot Gemeng Fëschbech
Pompjeeën Gemeng Fëschbech
Chantal CONRAD
Paul HEINEN
Daniel HOTTUA
Olivier MOLITOR
Ren SPAUTZ
Viviane THILL

**Layout**
Delphine NOTARNICOLA

**Cover**
"Bléien zu Fëschbech"

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu

---

*Wann Dir Loscht hutt fir beim Blat heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech bei eis mellen* ***gemengeblat@acfischbach.lu***

*Redaktiounsschluss fir d'Fëschber Gemengeblat 52/2019 ass den 31/07/2019.*

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.***

**GEMENG**

| | |
|---|---|
| Gemengereceptioun | 4 |
| Gemengerotssëtzungen | 6 |
| Matdeelungen | 10 |
| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng | 16 |

**ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG**

| | |
|---|---|
| Aktivitéiten an der Schoul | 22 |
| Merci Gaart an Heem | 26 |

**WAT WAR LASS ?**

| | |
|---|---|
| Stäresängeraktioun | 27 |
| GV Pompjeeën | 28 |
| Theaterowend | 30 |
| Mir gi liichten | 32 |
| Liesmoien | 34 |
| Choucroute | 35 |
| Hierkeniessen | 35 |
| Kannerfuesbal | 36 |
| Mir ginn heeschen | 37 |
| Hexebal | 38 |
| Buergbrennen | 40 |
| GV Gaart an Heem | 42 |
| GV Senioreveräin | 42 |
| Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous | 43 |
| Albinusfeier | 44 |
| Ouschterrally | 46 |

**REPORTAGE**

| | |
|---|---|
| GOAL! 1-0 fir d'Sandy Sauber | 48 |
| Die Kapelle von Weyer | 50 |

**AGENDA**

| | |
|---|---|
| Aktivitéitskalenner 2019 - 2022 | 52 |
| Mir gratuléieren | 54 |



**RÄTSEL**

**D'OPLÉISUNG VUN EISEM RÄTSEL VUM DEZEMBER N° 50**

D'Äntwert war:
*rue Principale (Haaptstroos) och nach "um Kraizerbierg" genannt*

Déi richteg Léisung hat d'Emma GROTZ vu Fëschbech.
De Präis, ee Iessbong vun 200 €

Neptune
Restaurant-Pizzeria

# Virwuert



*Léif Biergerinnen a Bierger*
*aus der Fëschber Gemeng,*

D'Fréijoer ass do an d'Natur erwächt nees lues a lues an alles gëtt erëm gréng, frësch a lieweg.

A genau esou frësch a lieweg soll eist neit Gemengeblat sinn, wat dir elo an ären Hänn haalt. Mat der Hëllef vum Delphine aus eisem Redaktiounsteam, hu mer et e bësschen opgepeppt a mir hoffen den neie Layout mat deene verschiddene Rubriken gefält Iech. Ob dëser Platz seet de Schäffen- a Gemengerot dem Ren awer och nach villmools Merci, fir déi läscht 50 Layouten an dem Delphine an der ganzer Ekipp wënschen mir all Guddes fir déi nächst 50 Gemengeblieder.

Ech wëll Iech a mengem Virwuert awer och nach e puer Neiegkeeten aus eiser Gemeng verzielen.

An der Schoul huet den Cycle 2 elo endlech nei eegen Toiletten. Den Terrain Multisport ass am Bau an d'Schoulkanner kënnen en nach an dësem Schouljoer notzen. Dësen Terrain dierf ausserhalb vun de Schoulzäiten awer och gären vun all Awunner resp. Veräin genotzt ginn. Et besteet esouguer d'Méiglechkeet eng separat Toilette beim Terrain ze notzen.

Um Dossier PAG si mer och fläisseg am schaffen an hoffen deen nach dëst Joer kënnen ofzeschléissen, wann alles klappt! Beim Kolumbarium vun der Fëschber Kierch gëtt e neie Wee gemaach fir e besseren Accès bei d'Cavoten ze hunn.

De Belag am Fuuselach zu Schous gëtt erneiert a Parkplazen ginn agezeechent an zu Angelsbierg kréien déi nei Zebrastréifen Form an LEDluuten.

Niewent dem technesche Volet gëtt ët säit Januar d'Spriechstonn mam Schäfferot, all éischte Mëttwoch am Mount, an och dës ass schonns gutt genotzt ginn. Zeckt net a kommt schwätzt mat eis, wann Iech eppes um Häerz läit!

Am Ufank vum Joer stinn och ëmmer vill Generalversammlungen vun eise Veräiner um Programm. Eng flott Platz fir dat vergaangent Veräinsjoer Revue passéieren ze loossen an de Gemengeresponsabelen ze weisen wat een esou mëcht an ze zielen wat dem Veräin wichteg ass. Dëst sinn meeschtens flott Neiegkeeten mee et ginn och der manner Schéiner. Ewéi bei eiser lokaler Gaart an Heem Sektioun vum CTF, déi leider mussen ophalen, wëll net méi genuch Leit am Comité hëllefen. Ech hoffen awer dass eis Awunner nach weiderhin an hire schéine Gäert schaffen an villäicht iergendwann nees eng lokal Sektioun entsteet.

Wéi der gesitt stoung schonns vill um Programm an deenen éischte Méint vum Joer 2019 a mir dinn och weiderhin eis Bescht fir dass eis Gemeng esou liewenswäert bleift ewéi se ass.

Zu gudder Läscht wënschen ech Iech nach all eng gutt Händchen bei den Europawalen de 26. Mee, och wann dës duerch de Brexit a kengem gudde Liicht stinn. A vergiesst net Bréifwahl unzefroen wann der an d'Vakanz fuert oder ob der Päischtcroisière sidd.

Iech all nach e schéint Fréijoer, e gudde Summer 2019 a vill Freed beim Liesen vum neie Buet.

*Luss BROSIUS*

# Fëschber Gemengen Réceptioun

01.02.2019

**Getrei der Traditioun huet d'Gemeng Fëschbech Ufank vum neien Joer 2019 op hir Réceptioun an d'Veräinshaus invitéiert. No der Begréissung vun allen Éieregäscht an Invitéen huet den Buergermeeschter Fränk Daems an senger Usprooch daat vergaangent Joer 2018 Revue passéieren geloss.**

Am Numm vum Schäffen- an Gemengerot goufen Merci'en un all d'Mataarbechter vun der Gemeng fir déi geleeschten Dëngschter am Joer 2018 ausgeschwaat a gläichzäiteg op d'Joer 2019 ugestouss. Bei engem gudde Maufel an enger gesëlleger Ronn gouf vill mateneen geschwaat an sech ënnert eneen ausgetosch ier d'Réceptioun - Editioun 2019 gemittlech op en Ënn goung.























*Fotoen: Ralph HERMES*

# Compte rendu

## Séance publique du conseil communal du 28 novembre 2018

Présents: DAEMS Fränk, bourgmestre
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien, échevins
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude, conseillers

Absent: MOURA Daniel, conseiller

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Le conseil communal approuve des titres de recettes émis par le collège des bourgmestre et échevins portant sur un montant total de 1.218.003,85 €

2. Vu l'avis favorable du vicaire général, agissant comme représentant de l'Archevêque de Luxembourg, le conseil communal décide le dégrèvement de la chapelle de et à Weyer.

3. Afin d'améliorer la sécurité des piétons une modification du règlement de circulation communal s'impose. Le conseil communal décide des changements concernant l'emplacement des passages pour piétons.

4. Au courant de l'année il a été constaté que certains utilisateurs de Nightrider ne décommandent pas en temps utile leurs courses et que ces courses sont facturées à la commune de Fischbach. Le conseil communal décide qu'en cas de non utilisation d'une course «Night-Rider» réservée et non décommandée endéans les délais convenus, les frais y relatifs seront facturés à l'utilisateur, au tarif de l'exploitant du service majoré d'une taxe de 5 € pour frais administratifs.

5. Le conseil communal décide de modifier le règlement concernant la taxe d'infrastructure qui devient exigible au moment de la création effective d'une nouvelle unité d'habitation ou autre, soit par construction nouvelle, soit par transformation ou changement d'affectation d'un immeuble existant.

6. Le conseil communal approuve un acte ayant pour objet l'acquisition d'une parcelle décrite comme place voirie et contenant 3 centiares au prix de 15 €.



Ausser et ass aanescht uginn goufen d'Décisiounen vum Gemengrot eestëmmeg geholl!

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 1.218.003,85 €.

2. No der positiver Stellungnam vum Generalvikar, deen de Bistum Lëtzebuerg vertrëtt, decidéiert de Gemengerot d'Kapell vun an zu Weyer ze entweien.

3. Fir d'Sécherheet vun de Foussgänger ze verbesseren decidéiert de Gemengerot Ännerungen um kommunale Verkéiersreglement betreffend virun allem d'Emplacement vun den Zebrasträifen.

4. Well verschidde Benotzer hier Faart mam Nightrider net mat Zäiten ofsoen an d'Gemeng déi Faarte verrechent kritt, beschléisst de Gemengerot, dass an deem Fall, d'Gemeng d'Onkäschten un de Benotzer weider verrechent mat engem Opschlag vu 5 Euro fir de Verwaltungsopwand.

5. De Gemengerot entscheet, d'Reglement iwwert d'Infrastrukturtax unzepassen. Des Taxe gëtt fälleg wann een eng zousätzlech Wunn- oder aner Unitéit schaaft, sief et duerch eng nei Konstruktioun oder eng Transformatioun resp. Ännerung vun der Affektatioun vun engem bestoende Gebai.

6. De Gemengerot geneemegt en Akt bei deem eng Parzell vun 3 Centiares fir 15 € kaaft ginn ass.

7. De Gemengerot hellt déi prinzipiell Entscheedung, dass d'Gemeng Fëschbech bei der neier Organisatioun vun der Offallentsuergung, sou wéi se vum Comité vum SIDEC den 9. Juli 2018 festgehale ginn ass matmécht.

8. Am Kader vum Projet vun den Ëmännerunge vun

7. Le conseil communal prend la décision de principe d'adhérer au projet de réorganisation de la collecte publique des déchets et ceci conformément aux modalités ayant été arrêtées par le Comité du SIDEC en son assemblée du 09 juillet 2018.

8. Dans le cadre de la modification des passages piétons avec installation d'un éclairage spécifique, la permission de voirie émise par l'Administration des Ponts et Chaussées impose l'installation de dalles pour malvoyants aux abords des passages à piétons. A la suite les coûts dudit projet (approuvé par le Conseil communal par délibération du 18 septembre 2018) vont augmenter et le conseil communal approuve un devis supplémentaire de 15.000 € ttc. La dépense totale du projet est donc estimée à 85.000 €.

9. Etant donné que le «Veräinshaus» est attractif pour des organisations de toutes sortes et qu'il importe d'y prévoir aussi un lieu de défoulement pour les enfants, le conseil communal approuve un devis pour y aménager une place de jeux portant sur 30.000 € ttc.

10. Comme le service de régie a besoin d'une machine multifonctionnelle utilisable aussi bien pour le balayage des rues et de la piste cyclable que pour le déneigement, le conseil communal approuve le devis relatif à l'acquisition d'une machine de manutention s'élevant à 58.000 € ttc.

11. Le conseil communal approuve aussi un devis relatif à l'acquisition d'accessoires et d'outillages pour montage à la machine de manutention s'élevant à 15.000 € ttc.

12. Le conseil communal décide de créer 6 postes d'étudiant(e)s pour les besoins du service de régie communal à occuper durant les vacances scolaires d'été des années 2019 et suivantes.

13. Affaires du personnel: à huis clos

de Foussgängersträife mat verbesserter Beliichtung, fuerdert d'Permissioun vun der Stroossebauverwaltung speziell Plaquen um Stroosserand fir déi Leit déi net gutt gesinn. Doduerch gëtt de Projet (geneemegt duerch de Beschloss duerch de Gemengerot vum 18. September 2018) méi deier an de Gemengerot stëmmt en zousätzlechen Devis vu 15.000 € TVA inkl. Domat belafen sech déi viraussiichtlech Gesamtkäschte vum Projet op 85.000 € TVA inkl.

9. Well am Veräinshaus zu Schouss vill lass ass an et wichteg ass do de Kanner eng Méiglechkeet geschaaffe gëtt fir sech ze beweegen, stëmmt de Gemengerot en Devis vun 30.000 € TVA inkl. fir d'Spillplaz auszebauen.

10. D'Regie vun der Gemeng brauch eng multifunktionell Maschinn fir ënnert anerem d'Stroossen an d'Vëlospist ze botzen an Schnéi ze raumen. Dowéinst stëmmt de Gemengerot en Devis iwwert 58.000 € TVA inkl. fir esou eng Maschinn unzeschafen.

11. De Gemengerot stëmmt e weideren Devis iwwert 15.000 € TVA inkl. fir dat noutwennegt Geschir fir déi Maschinn unzeschafen.

12. De Gemengerot decidéiert ab 2019 all Joer an der Summervakanz 6 Studenten am Service Regie anzestellen.

13. Personalsaachen: hannert zouenen Dieren

# Séance publique du conseil communal du 11 décembre 2018

**Présents:** DAEMS Fränk, bourgmestre
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien, échevins
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Dan
OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude, conseillers

**Absent:** /

Le conseil communal arrête le budget rectifié de l'exercice 2018 et le budget de l'exercice 2019 d'après les tableaux récapitulatifs suivants:

De Gemengerot hält de korrigéierte Budget 2018 an de Budget 2019 folgendermoosse fest:

| 2018 | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 4.683.650,62 | 571.295,16 |
| Total des dépenses | 3.241.785,17 | 2.989.617,74 |
| Boni propre de l'exercice | 1.441.865,45 | |
| Mali propre de l'exercice | | 2.418.322,58 |
| Boni du compte 2017 | 969.499,14 | |
| Mali du compte 2017 | | |
| Boni général | 2.411.364,59 | |
| Mali général | | 2.418.322,58 |
| TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 2.411.364,59 | + 2.411.364,59 |
| Boni présumé à fin 2018 | | |
| Mali présumé à fin 2018 | | 6.957,99 |

| 2019 | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 4.776.605,00 | 4.924.705,00 |
| Total des dépenses | 3.730.880,00 | 5.671.426,08 |
| Boni propre de l'exercice | 1.045.725,00 | |
| Mali propre de l'exercice | | 746.721,08 |
| Boni présumé fin 2018 | | |
| Mali présumé fin 2018 | | 6.957,99 |
| Boni général | 1.045.725,00 | |
| Mali général | | 753.679,07 |
| TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 753.679,07 | |
| Boni présumé à fin 2019 | 292.045,93 | |
| Mali présumé à fin 2019 | | |

# Séance publique du conseil communal du 13 février 2019

Présents: DAEMS Fränk, bourgmestre
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien, échevins
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel
SCHILTZ Laurent, conseillers

Absent: OLINGER Kevin, TRAUSCH Claude, conseiller

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Le conseil communal approuve des titres de recettes portant à un montant de 594.980,29 €.

2. Vu que l'administration du Naturpark Mëllerdall est partenaire dans le projet ZENAPA «Zero Emission Nature Protection Areas», qui est subventionné par un programme de cofinancement de l'Union Européenne et que le projet LIFE-IP ZENAPA contribuera à la protection du climat, de la nature et des espèces, grâce à la mise en place de mesures concrètes soutenant la protection du climat, le conseil communal décide avec une abstention (Schiltz) l'élaboration d'un concept d'optimisation thermique sur le territoire de la commune de Fischbach dans le cadre du projet «smart climate village» et la mise à disposition de données y nécessaires (p.ex. consommation de chaleur de bâtiments publics, etc.).

3. Afin d'éviter les déplacements en voiture privée le conseil communal approuve un devis relatif à l'acquisition d'une nouvelle voiture pour les besoins des services administratifs s'élevant à 20.000 € ttc.

4. En 2014 la commune a acquis un immeuble à Angelsberg comprenant une maison d'habitation, 4 appartements et plusieurs annexes. La maison, qui n'est plus habitée depuis juillet 2016 nécessite une rénovation et l'installation d'une nouvelle cuisine avant qu'elle puisse être louée à nouveau. Le conseil communal approuve un devis y relatif au montant de 60.000 € ttc.

5. Le conseil communal décide la remise en état du parking à côté de l'école et approuve un devis au montant de 65.000 € ttc.

6. Comme le jardin de la crèche ne dispose pas d'une protection adéquate contre le soleil, le conseil communal approuve un devis relatif à l'installation d'une protection contre le soleil et avant-toit au montant de 20.000 € ttc.

Ausser et ass aanescht uginn goufen d'Décisiounen vum Gemengrot eestëmmeg geholl!

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 594 980,29 €.

2. Well den Natur- a Geopark Mëllerdall Partner ass vum Projet ZENAPA "Zero Emission Nature Protection Areas" dee vun der Europäescher Unioun mat finanzéiert gëtt a well de Projet LIFE-IP ZENAPA duerch konkret Moossnamen zum Klima-, Natur- an dem Aarteschutz bäidréit, geneemegt de Gemengerot mat enger Enthalung (Schiltz) vun engem Konzept fir d'thermesch Optimisatioun an der Fëschber Gemeng am Kader vum Projet "smart climate village" an d'Zurverfügungstellen vun den noutwennegen Informatiounen (z. Bsp. Verbrauch vun der Wiermt an den ëffentleche Gebaier).

3. Fir dass d'Mataarbechter vun der Gemengeverwaltung an Zukunft net méi mussen hier Privatautoe fir den Déngscht benotze stemmt de Gemengerot en Devis iwwert 20.000 € fir en neien Déngschtauto unzeschafen.

4. 2014 huet d'Gemeng Gebailechkeeten zu Angelsbierg kaaft mat engem Eefamilljenhaus, 4 Appartementer a verschidden Niewegebaier. D'Haus, wat zanter 2016 net méi bewunnt ass, muss renovéiert ginn a brauch eng nei Kichen ier et weider ka verlount ginn. Zu dem Zweck stëmmt de Gemengerot en Devis iwwert 60.000 €.

5. De Gemengerot geneemegt en Devis iwwert 65.000 € fir de Parking nieft der Schoul an d'Rei ze maachen.

6. Well de Gaart vun der Crèche net gutt géint d'Sonn geschützt ass, stëmmt de Gemengerot en Devis iwwert 20.000 € fir d'Installatioun Sonneschutz an engem Iwwerdaach.

7. Dans le cadre de l'aménagement d'un terrain multisports à Angelsberg (décision du conseil communal du 13 juin 2018) il a été décidé de réaliser le terrain avec un revêtement de sol en caoutchouc au lieu de gazon synthétique et de choisir une clôture en inox et composite au lieu de bois afin de réduire les frais de fonctionnement et d'entretien futurs. Le conseil communal accorde un crédit budgétaire supplémentaire de 20.000 € et approuve un devis supplémentaire de 15.000 € pour ledit terrain multisports. Par la suite la dépense totale pour l'aménagement d'un terrain multisports est estimée à 165.000 € ttc.

8. Le conseil communal approuve le contrat de bail signé en date du 21 décembre 2018 ayant pour objet la location de l'appartement C sis à Angelsberg, rue de Schoos n°4.

9. Le conseil communal accorde un subside de 125 € à la Fédération régionale des pompiers Région EST.

10. Affaires du personnel: à huis clos

7. Am Kader vum Ariichte vun engem Terrain Multisport zu Angelsbierg (Decisioun vum Gemengerot vum 13. Juni 2018) ass entscheet ginn dësen Terrain mat engem Kautschoukbelag amplaz vu kënstlechem Wues an engem Zonk aus Inox amplaz vun Holz ze installéieren fir d'Nofolgekäschten ze minimiséieren. De Gemengerot stëmmt en zousätzleche Kredit vun 20.000 € an en zousätzlechen Devis vun 15.000 € fir dësen Multisport Terrain. Déi viraussiichtlech Gesamtausgab fir de Projet bedréit soumat 165.000 € TVA inkl.

8. De Gemengerot stëmmt engem Vertrag vum 21. Dezember 2018 zou fir d'Wunneng C am Haus 4, rue de Schoos zu Angelsbierg ze verlounen.

9. De Gemengerot gëtt der Fédération régionale des pompiers Région EST en Subsid vun 125 €.

10. Personalsaachen: hannert zouenen Dieren



# Avis au public

## RÈGLEMENTS COMMUNAUX NOUVEAUX OU MODIFIÉS:

Par délibération du 6 août 2018 le conseil communal a décidé une modification du règlement concernant le minerval d'élèves. Ce minerval est à payer par la commune de résidence d'un élève qui est inscrit à l'école de la commune de Fischbach. Ledit règlement a été approuvé par arrêté grand-ducal du 27 octobre 2018 et par le ministre de l'Intérieur en date du 8 novembre 2018.

Par délibération du 28 novembre 2018 le conseil communal a décidé une modification du règlement de circulation communal. Cette modification a pour objet le déplacement et la signalisation de certains passages pour piétons. Ledit règlement a été approuvé par le ministre de la Mobilité et des Travaux publics en date du 8 mars 2019 et par le ministre de l'Intérieur en date du 14 mars 2019.

Par délibération du 28 novembre 2018 le conseil communal a décidé l'introduction d'une taxe d'utilisation de la «night-card». Ce règlement vise principalement la facturation des courses «Night Rider» commandées et pas annulées endéans délai en cas de non utilisation. Ledit règlement a été approuvé par le ministre de l'Intérieur en date du 1er mars 2019

***Les textes des différents règlements peuvent être consultés sur le site internet de la commune et sont à disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris connaissance pendant les heures d'ouverture des bureaux.***

***www.acfischbach.lu***

# Réduire sa consommation de plastique: Conseils au quotidien

Les déchets de plastiques en mer sont un sujet qui fait actuellement l'objet de vives discussions. Ils sont rejetés par les navires ou aussi entraînés par les rivières qui se jettent dans la mer. Les déchets plastiques se retrouvent également en mer, emportés par les vents et drainés par les cours d'eau. Le moyen le plus efficace d'éviter les déchets plastiques dans l'environnement, est de réduire ou de prévenir leur utilisation quotidienne. Pour ce faire, l'équipe climat de Fischbach a créé une campagne de sensibilisation sur le thème comment éviter l'usage du plastique dans la vie quotidienne.


**Pourquoi devrions-nous cesser d'utiliser le plastique jetable?**
Nous devrions cesser d'utiliser les emballages en plastique jetable, car l'usage unique de produits en plastique est difficilement justifiable d'un point de vue écologique. Voici quelques exemples:

- Produits d'origine fossile
- Temps de dégradation: plus de 100 ans
- Seule une infime partie peut être recyclée
- Sécrétion de toxines dans les aliments et les boissons
- Cause de cancer et de déséquilibre hormonal
- Pollution des océans
- Tue d'innombrables animaux
- Entre dans notre chaîne alimentaire

Dans notre vie de tous les jours, nous utilisons beaucoup de plastique, mais nous oublions souvent qu'il existe de nombreuses alternatives permettant d'éviter les produits en plastique.

- Faire ses courses avec des sacs réutilisables
- Réutilisation ou consignation de bouteilles
- Ne plus employer de gobelets en plastique
- Emballer ses aliments dans des récipients réutilisables
- Dire «NON» aux couverts en plastique
- Nettoyer avec des produits naturels
- Utiliser du vrai savon - pas de flacons
- Renoncer aux cotons-tiges
- Choisir un déodorant naturel
- Acheter local, sans emballage plastique
- Eviter des vêtements en fibres synthétiques
- Investir dans la qualité - c'est plus durable
- Ne plus utiliser de brosses en plastique





Boycottez l'utilisation de plastique jetable et rejoignez la révolution du «réutilisable». En tant qu'individu nous avons le choix de consommer de façon durable et responsable. Si tout le monde agit au quotidien, nous arriverons à protéger notre environnement et à préserver ses ressources naturelles précieuses.

***La commune de Fischbach vous remercie d'avance pour votre participation.***

**Montrez l'exemple et motivez les autres à participer.**

USE LESS PLASTIC

REUSE REDUCE RECYCLE

KlimaPakt
European Energy Award

# Plastik vermeiden: Tipps für den Alltag


Plastikmüll im Meer ist eine Thematik welche aktuell stark im Gespräch ist. Dieser gelangt über eine Entsorgung von Abfällen auf Schiffen oder aber auch über Flüsse welche ins Meer fließen. Auch über den Wind und das Abwasser gelangt Plastikmüll zum Meer. Die effektivste Methode um Plastikmüll in der Umwelt zu vermeiden liegt darin die Nutzung im Alltag zu reduzieren beziehungsweise zu vermeiden. Zu diesem Zweck wurde vom Klimateam Fischbach eine Sensibilisierungskampagne zum Thema Plastikvermeidung im Alltag erstellt.

**Warum sollten wir auf Einweg-Plastik verzichten**
Wir sollten auf Einweg-Plastik verzichten, da eine einmalige Nutzung von Plastikprodukten aus ökologischen Sicht kaum vertretbar ist. Hier ein paar Beispiele:

- Produkt aus fossilen Brennstoffen
- Mehr als 100 Jahre für Zersetzung
- Nur ein kleiner Teil recycelt
- Sondert Gifte in Essen und Getränk
- Führt zu Krebs und Hormonstörung
- Verschmutzt die Ozeane
- Tötet unzählige Tiere
- Gelangt in die Nahrungskette

In unserem Alltag benutzen wir viel Plastik, dabei vergessen wir oft, dass es zahlreiche Alternativen gibt durch welche Plastikprodukte vermieden werden können.

- Kaufe mit einer wiederverwendbaren Einkaufstüten ein
- Benutze wiederverwendbare Flaschen oder benutze herkömmliche mehrmals
- Verzichte auf Plastikbecher
- Pack dein Essen in Mehrwegdosen
- Sag "NEIN" zu Plastikbesteck
- Putze mit natürlichen Stoffen
- Benutze echte Seife - keine Fläschchen
- Verzichte auf Ohrenstäbchen
- Wähle natürliche Deo's
- Kaufe Lokal ein - ohne Plastiktüte
- Meide synthetische Kleidung
- Investiere in Qualität – hält länger
- Verzichte auf Plastikbürsten





Boykottiere den Gebrauch von Einweg-Plastik und tritt der "Reusable"-Revolution bei. Jeder einzelne hat die Wahl sich für einen nachhaltige und verantwortungsbewussten Konsum zu entscheiden. Wenn jeder sich beteiligt können wir einen nachhaltigeren Alltag gestalten und unsere Umwelt schützen. Dies führt zum Erhalt wichtiger Ressourcen.

***Die Gemeinde Fischbach bedankt sich im Voraus für Ihre Anteilnahme.***

**Gehe mit gutem Beispiel voran und motiviere Andere zum Mitmachen.**

# ... à propos: Wandenergie

## Wéi erklären mir eisen Kanner de Klimaschutz am Zesummenhang mat dem Ausbau vun der Wandenergie?

**Wann ee Biller mat däitsche Landschafte gesäit, wou ländlech Dierfer duerch den Ausbau vun der Wandenergie ëmmer méi ewéi Industriezonen ausgesinn, fält et engem schwéier hei nach en ekologesche Sënn ze erkennen. Zemol ronn 30.000 Wandanlagen et op en Undeel vu just 4% am däitschen Endenergieverbrauch packen, esou dat fossil Energiequellen iwwerhaapt net kënnen ersat ginn, an doduerch d'CO2 Emissiounen déi lescht 10 Joer net konnten zeréckgeschrauft ginn.**

Mir missten eise Kanner och erklären, dat Gas- a Kuelekraaftwierker um Netz bleiwe musse fir et stabil ze halen, an dobäi permanent erop an erofgereegelt musse ginn fir d'Schwankungen vun dem Wandstroum auszegläichen. An esou emittéieren dës Kraaftwierker am Stop&Go Betrib esouguer nach méi ewéi wann se normal duerchlafe kéinten. Ganz naiv géingen d'Kanner da vläicht soen, dat e Bedreiwer vu Wandanlagen eigentlech selwer misst dofir suergen, dat säi Stroum gepuffert a gespäichert gëtt, fir dat en dem Verbrauch ugepasst wier, an een esou op Kuel a Gas verzichte kéint.



Do missten mir se dann enttäuschen: Bei "eisem" Mierscher Projet zum Beispill bräicht ee mat enger volatiler Stroumproduktioun vu 29 Gigawattstonnen (GWh) d'Joer en Energiespäicher vu ronn 4 bis 5 GWh. Fir dës Späicherkapassitéit ze erreechen misst de Bedreiwer dann e neit Pompspäicherwierk an der Gréisstenuerdnung vu Veianen bauen. Oder grouss Batteriëspäicher, déi op deem Niveau ronn 5 Milliarden Euro géinge kaschten. Do versteet esouguer e Kand dat nach keng Physik an Ekonomie an der Schoul gesinn huet, dat een onméiglech fir all eenzele Wandpark dësen Opwand bedreiwe kann.

Wann de Mierscher Wandpark da seng 29 Gigawattstonnen an d'Stroumnetz aspeist, gepuffert oder och net, da schafft déisäits der Musel e Gas- oder Kuelekraaftwierk e wéineg manner. Do freeë sech eis Kanner. Ma scho nees mussen mir se enttäuschen: fir all net emittéiert Tonn CO2 gëtt potenziell en Emissiounszertifikat vun de Kraaftwierker fräigesat. Dat heescht, déi Gas- a Kuelekraaftwierker verkafen hir net gebrauchten Emissiounsrechter op engem fräie Marché.

Do froe sech d'Kanner: "Firwat keeft dann net einfach de Bedreiwer vun "eisem" Wandpark dës Zertifikater fir sécher ze sinn, dat se neutraliséiert ginn, an hien domat säi Verspriechen fir CO2 anzespueren och tatsächlech anhale kann?" Well en dat natierlech net mécht, ginn dës Zertifikater dann zum Beispill un e polnescht Kuelekraaftwierk verkaf, dat hoffentlech grad esou gutt Filteren huet ewéi dat däitscht, oder eventuell un ArcelorMittal fir méi Stol ze produzéieren. Dës CO2 Emissioune ginn also guer net agespuert, mä just geographesch verlagert.

Dofir gëtt d'Uewergrenz vun der Zuel vun Emissiounszertifikater déi an Europa zirkuléieren reegelméisseg erofgesat, an duerch "eise" Wandpark gëtt an Däitschland dann eventuell awer eng bescheide Quantitéit vu fossile Brennstoffer ewéi z.B. Gas agespuert.

D'Freed vun de Kanner ass nees vu kuerzer Dauer: "Hoffentlech huet de Mierscher Bedreiwer dee Moment och en Ofkommes mat Russland ofgeschloss, fir dat de Gas dee mir agespuert hunn och am Buedem bleift!?"


Huet de Bedreiwer éiren net? Abee, da verkeeft Russland ganz onbeandrockt dee bei eis agespuerte Gas einfach an Asien, wou den Energiehonger quasi onbegrenzt ass. An esou ass den CO2 Bilan vun eiser schéiner Wandindustriezon um Rollengerbierg dann definitiv Null. En ass bei dem héije Materialopwand vu Wandanlagen esouguer negativ. Effektiv läit de Ressourceverbrauch vu Metaller a Mineralien bei Wandanlagen am Verhältnes zu der produzéierter Energie eng bis zwou Gréisstenuerdnungen iwwer deem vu konventionelle Kraaftwierker. Nieft dem zousätzlechen CO2 Verbrauch bréngt dat nach e sëllechen aner negativ Impakter.

Do froen eis d'Kanner dann zu Recht: "Wann d'Oprichte vu Wandanlage nach zousätzlech Ressource verbraucht, a global gesinn kee positiven Impakt op d'CO2 Emissiounen also op d'Klima huet, an dobäi just de Liewensraum vu Mënsch an Déier zerstéiert, huet dann nëmmen de Bedreiwer en Interêt dat ze maachen?"

Kindermund tut Wahrheit kund! A wéi wier et, wa Kanner an Erwuessener zesummen iwwerleeë géingen, wat ee maache kann, fir dat eise natierleche Liewensraum net misst engem Business geaffert ginn?



Dahl (Paderborn): virun 10 Joer hätt sech hei sécher och kee geduecht, dat et emol esouwäit komme kéint.




Wéinst der limitéierter Anlagegréisst duerch de Fluchbetrib, a wéinst relativ nidderege Wandvitessen (Wandatlas), ass eng Wandanlag um Rollengerbierg potenziell nëmmen hallef esou produktiv ewéi déisäits op der Haard. Rentéiert et sech do trotz héije Subsiden, fir de Rollengerbierg an eng Industriezon ëmzewandelen?

GEMENG

13

# Der regionale Waldfriedhof in Berdorf

Immer mehr Menschen gehen alternative Wege bei der Suche nach ihrer letzten Ruhestätte. Aus diesem Grund hat die Gemeinde Berdorf sich dazu entschieden einen regionalen Waldfriedhof im Wald genannt "Laangebësch" einzurichten.

Dieser Waldfriedhof steht allen Bürgern der Mitgliedsgemeinden des Naturparks "Mëllerdall" zur Verfügung, also auch den Einwohnern der Gemeinde Fischbach.

Auf einer Fläche von 2,15 ha stehen 22 speziell ausgesuchte, etwa 140-jährige Buchen und Eichen für eine Aschenbeisetzung zur Verfügung.

**WER KANN AUF DEM WALDFRIEDHOF BESTATTET WERDEN**

Auf dem regionalen Waldfriedhof kann eine neue Konzession im Falle des Todes eines Bürgers einer der Gemeinden des Naturpark "Mëllerdall" vom Zivilstandesamt der Gemeinde Berdorf gewährt werden. Diese hat eine Laufzeit von 30 oder 15 Jahren. Zusätzlich zur Konzession des Verstorbenen kann man gleichzeitig maximal 4 Konzessionen im Voraus reservieren um sicherzustellen, dass Angehörige, soweit dies noch möglich ist, in unmittelbarer Nähe beigesetzt werden. Dies ist zu einem späteren Zeitpunkt nicht mehr möglich. In diesen Konzessionen können folgende Personen begraben werden:

- der Ehepartner oder Partner des Verstorbenen;
- dessen Verwandten in gerader, aufsteigender Linie und Nachkommen, jeweils ersten Grades und ihre Ehepartner oder Partner;
- eine Person welche dem Verstorbenen sehr nahe stand, soweit dies von dem Verstorbenen im Voraus genehmigt war.

Es besteht die Möglichkeit sich im Voraus auf eine Interessenliste bei der Gemeinde Berdorf einzuschreiben ohne jedoch ein Recht auf eine Konzession dadurch zu erlangen. Ein dementsprechendes Formular wird den interessierten Personen in allen Mitgliedsgemeinden des Naturparks zur Verfügung gestellt.

# *Le cimetière forestier régional à Berdorf*

*Beaucoup de personnes veulent sortir des chemins battus pour la fixation de leur dernier lieu de repos.Pour cette raison la commune de Berdorf vient d'aménager un cimetière forestier régional dans la forêt dénommée «Laangebësch» à Berdorf.*

*Ce cimetière forestier est ouvert à tous les résidents des communes du Parc Naturel «Mëllerdall», donc aussi aux habitants de la commune de Fischbach.*

*22 arbres, il s'agit de chênes et de hêtres âgés d'environ 140 ans, ont été sélectionnés sur une surface de 2,15 ha et sont à disposition pour l'inhumation des cendres.*

***QUELLES SONT LES PERSONNES QUI PEUVENT SE FAIRE INHUMER SUR LE CIMETIÈRE FORESTIER?***

*Dans le cas du décès d'un citoyen des communes du Parc Naturel «Mëllerdall», une concession pour un emplacement autour d'un arbre peut être demandée auprès du service de l'Etat Civil de la commune de Berdorf, pour une durée de 30 ans ou de 15 ans. Quatre concessions supplémentaires au maximum peuvent être demandées, uniquement lors de la première inhumation, pour s'assurer le droit de procéder à d'autres inhumations futures, si possible auprès du même arbre, pour des membres de la famille. Peuvent être déposées dans une de ces concessions les cendres:*

- *du conjoint ou du partenaire du défunt,*
- *des ascendants ou descendants du défunt avec leurs conjoints ou partenaires,*
- *avec l'accord préalable du défunt des personnes auxquelles l'attachent des liens de parenté, d'affectation et de reconnaissance.*

*Il existe également la possibilité de s'inscrire auprès de la commune de Berdorf sur une liste de personnes qui sont intéressées de voir leurs cendres être déposées sur le cimetière forestier d'intérêt. L'inscription sur cette liste ne donne pas droit à une concession et n'est qu'indicative. Un formulaire d'inscription est mis à la disposition de personnes intéressées dans toutes les communes du Parc Naturel.*


© Gemeng Baertref





**WIE KANN MAN SICH AUF DEM WALDFRIEDHOF BESTATTEN LASSEN?**

Eine Voraussetzung ist die Einäscherung des Leichnams. Die Beisetzung von Urnen oder Körperbestattung ist nicht erlaubt.

Nach dem Erwerb einer Konzession erfolgt die Zuweisung eines Baumes durch einen Mitarbeiter der Gemeinde Berdorf.Während der Trauerfeier werden die Aschen des Verstorbenen am Fuße eines Baumes beigesetzt und somit der Erde zurückgegeben. Bis zu zehn Aschenbeisetzungen können an einem Baum stattfinden.

Jeder Baum wird mit einer Nummer versehen, die Auskunft über seinen genauen Standort gibt. Eine dezente Gedenktafel, welche von der Gemeinde am Baum angebracht wird, gibt Auskunft über die Namen, Vornamen, Geburts- und Sterbedaten der bestatteten Personen.

Der regionale Waldfriedhof verfügt ebenfalls über einen Holzpavillon, wo eine Beerdigungszeremonie, zivil oder religiösen Charakters, organisiert durch die Angehörigen des Verstorbenen, abgehalten werden kann.

Für weitere Informationen allgemeiner Art oder zum Ablauf und den Kosten der Bestattung kontaktieren Sie bitte das Zivilstandsamt der Gemeinde Berdorf unter secretariat@berdorf.lu / Tel.: 79 01 87 21.

Eine Broschüre zum Thema gibt es auch im Einwohnermeldeamt der Gemeinde Fischbach.

***COMMENT SE FAIRE INHUMER DANS LE «CIMETIÈRE FORESTIER»?***

*Une condition préalable est l'incinération des dépouilles mortelles. L'inhumation d'urnes ou de corps n'est pas possible.*

*Après avoir reçu la concession, le responsable de la commune choisira l'arbre commémoratif auprès duquel les cendres du défunt sont inhumées. Lors de la cérémonie funéraire, les cendres du défunt sont déposées aux pieds d'un arbre et rendues ainsi à la terre. La capacité d'un arbre est limitée à dix inhumations.*

*Chaque arbre est doté d'un numéro, indiquant son emplacement. Sur un panneau commémoratif, fixé par les services de la commune de Berdorf sur l'arbre, figurera une liste avec les noms, prénoms, dates de naissance et dates de décès des personnes inhumées.*

*Le cimetière forestier régional «Laangebësch» dispose également d'un pavillon en bois où une cérémonie civile ou religieuse, organisée par les membres de la famille, pourra être célébrée.*

*Pour des renseignements supplémentaires, veuillez contacter le service de l'état civil de la commune de Berdorf sous secretariat@berdorf,lu / tél.: 79 01 87 21.*

*Une brochure est à votre disposition au bureau de population de la commune de Fischbach.*

# Uebstbamschnëttcours am Gemengebongert

## ËMWELTKOMMISSIOUN

16.03.2019

**Samsdes den 16. März hat den Naturpark Mëllerdall, wou d'Gemeng Fëschbech Member ass, op Ufro vun eiser Ëmweltkommissioun een Uebstbamschnëttcours am Gemengebongert zu Schous organiséiert. D'Zuel vun de Participants war begrenzt an d'Umeldungen sinn iwert de Bureau vum Naturpark gelaaf.**

**Rendez-vous war um 9.00h beim Veräinshaus vun wou aus et zu Fouss an de Bongert goung. Ronn 20 Interesséierter waren trotz ongemittlechem naass-kaalem Wieder ugetrueden fir sech weiderzebilden.**

Sur place goufen et virop theorëtesch Grondinformatiounen vum Claude Petit, Direkter vum Naturpark Mëllerdall, ier et un d'Schneiden goung.

Eisen Gemengebongert gouf am November 2014 am Kader vum Dag vum Bam ugeluecht esou dass déi meeschten Beem tëscht dem 4. an 5. Standjoer sinn. Eenzelner goufen och während de Joeren ersaat esou dass d'Uebstbeem net alleguer dee selwechten Alter hun. Beim Uebstbamschnëtt am generellen ënnerscheeden mir tëscht Planzschnëtt, Erzéiungsschnëtt an Pfleegeschnëtt. Bei den jonken Uebstbeem an eisem Bongert ass et un der Zäit den "Erzéiungsschnëtt" ze machen an genau dee Schnëtt war Thema vum Schnëttcours. Ënner fachmännescher Leedung vum Claude Petit goufen déi verschidden Handgréffer gewissen an erklärt. All Schnatt hat seng Bedeitung an no an no huet och jiidfereen d'Method verstaanen esou dass et een ganz animéierten an participativen Cours gouf.

D'Equipe vum Naturpark hat virgesuergt an huet den erfruerenen Nolauschterer waarmen Viez an eng Drëpp aus regionalem Uebst am Bongert ugebueden, daat koum ganz gudd un! Merci der Naturpark-Equipe, dem Mikis an dem Claude, fir deen professionnellen Cours an den Ravitaillement.

Uebstbeem richteg schneiden léiert een net duerch d'Beléeen vun engem Cours mee duerch regelméissegt Deel huelen un Schnëttcoursen. Grond genuch fir eis als Ëmweltkommissioun elo schon un d'Organisatioun vun deem nächsten Uebstbamschnëttcours ze denken. Affaire à suivre!






Méi Détailer graad wéi Fachliteratur Quellen zum Thema Uebstbamschnëtt fann Dir op der nächster Säit.


# Hochstamm-Obstbaumschnittkurs - Die naturgemäße Obstbaumkrone

1. Pflanzschnitt
2. **Erziehungsschnitt**
3. Pflegeschnitt

***Schneiden:***
*Wegschneiden, auf- und ableiten, anschneiden*




**Die Aststellung bestimmt die Funktion**




**Die ideale Krone für Hochstamm-Streuobstbäume:**
Mitteltrieb/Stammachse, 3-4 Leitäste, Fruchtäste

## Vorgehensweise Erziehungsschnitt (2. – ca. 10. Standjahr):

1. Beurteilung der Wüchsigkeit und Vitalität des Baumes
2. Erfassen der Baumstruktur (Mitteltrieb, Leitäste, Astwinkel etc.)
3. Entfernen von überschüssigen Leitästen und Konkurrenztrieben
4. Formieren (hochbinden und abspreizen)
5. Entfernen der Äste, die nach innen wachsen
6. Anschneiden der Leitäste
7. Seitenäste unterordnen
8. Gesamteindruck verschaffen und Korrekturen vornehmen (z.B. Anbindung und Verbiss-schutz kontrollieren, Stamm- und Wurzeltriebe entfernen)

**Quelle:**
Vorbeck, A. (2011): Pflanzung und Pflege von Streuobstbäumen - Naturgemäßer Obstbaumschnitt für die Praxis, Landschaftspflege-verband Aschaffenburg e.V (Hrsg) www.schlaraffenburger.de

**Bestelladresse:**
Schlaraffenburger Streuobstagentur Tel.: 06029/99 56 44
Fax.: 99 56 99 Email: birgit.gemmecker(at)schlaraffenburger.de

# Kanner planzen Uebstbeem

27.03.2019

**Och dëst Joer hu mir nees eng sëllechen Uebstbeem geplanzt. D'Bëschaarbechter hunn – wei all Joer - am Virfeld nees mat décken Eechepéil an Drot Kadere gebaut fir datt d'Ranner d'Beem net futti maache kënnen. De 27. Mäerz hunn d'Kanner mat hirem Léierpersonal aus der Angsber Schoul eis äifreg mat Spuet an Heel gehollef fir déi Uebstbeem ze planzen. Dëst woren den Cycle 2.1 & 2.2 mam Julie Gorza a Catalina Baden dei zu Fëschbech op der Schmëtt eng 17 nei Äppelbeem gesat hunn, dat bei beschtem Planzwieder.**

Eise Buergermeeschter Fränk Daems, huet et sech net huele gelooss fir selwer eng Hand mat unzepaken. Nodeems d'Kanner schonn eng ganz Rei Beem gesat haten, si si duerch de Besuch vun eisem Grand-Duc Jean geéiert ginn: wéi de Grand-Duc Jean héieren hat, dass mir mat de Kanner nees géifen eng Planzaktioun ënnerhuelen, huet hien spontan zougesot fir eis besichen ze kommen.

Hie wor immens frou ze gesinn, mat wat fir enger Begeeschterung d'Kanner geschafft hunn, an him erzielt hu firwat mer iwwerhaapt Uebstbeem planzen. Do si Stéchwierder wéi Uebst, Beien, Hunneg, Kompott, Drëpp, Äppeltäert asw. gefall, fir der nëmmen e puer ze nennen. Mir soen him Alleguer villmols Merci fir säi Besuch!

No der Aarbecht ass et nach als Stäerkung e Glas Viz mat engem Stéck Kuch ginn, an duerno hunn d'Kanner sech erëm op den Heemwee gemeet.

Wéi och schonn die lescht Joeren huet eis Gemeng e Budget vun 10.000 Euro fir 2019 gestëmmt fir Bongerteprojeten ze ënnerstëtzen. Dës Sue streckt d'Gemeng deemno vir, an da ginn duerno 70-75 % Subside vum Staat iwwert déi Biologesch Statioun vum Mëllerdall zréckgefrot. De Rescht, also deemno déi aner 25-30%, leet d'Gemeng bäi.

*Text & Fotoen: Olivier MOLITOR*



















© Cour Grand-Ducale

# Grouss Botz

## ËMWELTKOMMISSIOUN

30.03.2019

**Wéi all Joer ronderëm Enn März, Ufank Abrëll esou huet och dëst Joer erëm d'Ëmweltkommissioun an Zesummenaarbecht mam techneschen Service vun der Fëschber Gemeng op d'Grouss Botz invitéiert. Samsdes Mëttes, den 30. März hun sech eng sël-legen fräiwëlleg Biergerinnen a Bierger, dorënner ganz vill motivéiert Kanner, op der Héicht getraff fir dem Knascht um Flouer, laanscht Wëeer a Stros-sen graad wéi an eisen Bëscher Här a Meeschter ze ginn.**



"Jiidfereen kritt daat Wieder waat en verdëngt!", esou get ëmmer gesoot an genau sou ass et och komm. Wou Tournéeën, bis opgedeelt waren konnten déi vill Fräi-wëlleg bei agreabelem, Fréijoerswieder mat vill Sonn lassleeën.

Mat Sëcherheetswesten, Pëtzen an Dréckstuuten équi-péiert goung et op de Parcours. Eng Première war dëst Joer dass esouguer zwee Maulieselen, de Monnes an den Leo, mat dobäi waren an de Knascht an d'Tuuten op enger Tournée gedroen hunn. Déi zwee 4-Beener hunn hiren Job gudd gemach, graad wéi och hir zwee Guide'n.



De Bilan vum gesammelten Knascht, 290kg. No 200 kg am läschte Joer ass dëst leider erëm eng kleng Hausse. Wéi ëmmer fënnt sech den meeschten Knascht laanscht Stroossen, woubäi laanscht eis Feld-, Bësch- a Wander-weeër ganz wéineg opzeraafen ass. Op mannst dat ass een positiven Aspekt.

Als Ofschloß vun dëser Aktioun gouf et wéi all Joer fir all Bedeelegt e gudde Maufel am Veräinshaus, wou a geselleger Ronn d'Grouss Botz 2019 op en Ënn goung.

Am Numm vun der Ëmweltkommissioun, der Gemeng an vun eiser Ëmwelt een dëcken Merci un Kleng a Grouss, an natiirlech dem Monnes an dem Leo fir déi wertvoll Hëllef an hoffentlech bis d'nächst Joer!





# Aktivitéiten an der Schoul

## DER SPIELENACHMITTAG, EINE SCHÖNE TRADITION DER ANGSBER SCHULE



Am Spielenachmittag sind freiwillige Eltern aus allen Zyklen in die Schule gekommen, um mit den Kindern Gesellschaftsspiele zu spielen. Manche Eltern haben ihr eigenes Spiel mitgebracht, andere haben eines von der Schule ausgeborgt bekommen. Die einzelnen Gruppen haben jeweils 4 unterschiedliche Spiele gespielt. Es war ein sehr cooler Nachmittag.


*David, Esteban, Felix, Ruben*
























# ANTI-GASPI-AUSSTELLUNG

Während einer Woche konnten alle Klassen eine Antigaspi-Ausstellung in der Schule besuchen. Sie hat uns gezeigt, dass wir besser auf Lebensmittel achten sollen.

Das Tolle war, dass wir bei einem Gewinnspiel mitmachen konnten. Es hat die ganze Schule inspiriert und jeder passt auf und versucht so gut wie möglich Lebensmittel zu sparen.

Es war interessant alles spielerisch zu lernen, es hat jedem gefallen und alle hatten Spaß.

Uns wurde unter anderem erklärt, dass wir im Gegensatz zu anderen Ländern zuviel Essen kaufen und verschwenden und wie wir Lebensmittel optimal im Kühlschrank lagern.

*Chloé, Julie, Sophie*

*Text: Schüler Cycle 4 Fotoen: Angsber Schoul*

# DIE EISPISTE

Wie inzwischen jedes Jahr gingen die Zyklen 2 bis 4 vor den Ferien nach Beaufort auf die Eispiste. Mit 2 Bussen sind wir dorthin gefahren und haben einen schönen Vormittag verbracht. Alle Schüler haben eine heiße Schokolade getrunken, die uns von der Gemeinde spendiert wurde. Wir waren den ganzen Morgen da, dann haben wir ein Klassenfoto gemacht.

*Edgar, Eric, Cindy, Clément*









# 1. HËLLEF AM CYCLE 4

De Jeff Herr huet zwee Moienter mam Cycle 4 aus der Angsber Schoul verbruecht. Et war ganz flott mam Jeff, dem "Lëtzebuerger vum Joer".

Mir hu ganz vill iwwert d'1. Hëllef geléiert an hien huet eis vill bäibruecht.

Deen Dag hu mir geléiert, wéi ee Liewe rette kann. Awer fir d'éischt muss een ëmmer op sech selwer an d'Gefore ronderëm een oppassen an duerno kann ee sech em dee Blesséierte këmmeren.

Mir hunn ënnert anerem déi stabil Säitelag kennegeléiert, wéi ee Verbänn mécht a wéi ee sech verhält wann een Hëllef rifft.

Mir si frou, dass de Jeff an eis Schoul komm ass.

*A.R., Sam, Luca, Isaac*










*Text: Schüler Cycle 4 Fotoen: Angsber Schoul*

# Merci Gaart an Heem

**Freides, de 15. Mäerz 2019
krute mir als "Angsber Schoul" een Don vun 2000 Euro
vum Gaart an Heem Gemeng Fëschbech.**

**Mir si frou iwwert déi vill Suen a wäerte versichen, se gutt z'investéieren. Mir soen mat dëser Foto am Numm vun der ganzer Angsber Schoul**

**e grousse MERCI.**





# Kinneken, Hierten an Engelen op Dräikinneksdag ënnerwee

**06.01.2019**

**D'Stäresängeraktioun, déi de 6. Januar op Dräikinneksdag fir déi drëtte Kéier an eiser Gemeng organiséiert gouf, stoung dëst Joer ënnert dem Motto "Verschidden an dach gläich"**

Am Mëttelpunkt vun der Aktioun woren dëst Joer Kanner mat enger Behënnerung. Missio finanzéiert zu Lima (Peru) en Haus an deem Kanner mat engem Handicap zesumme mat hire Famille betreit ginn.

"Wou läit Lima? Wat fir Zorten vu Behënnerungen ginn et? Wéi kann een dëse besonnesche Matmënschen hëllefen?", dat wore juste e puer Froen, mat deenen d'Stäresänger sech an der Préparatiounsversammlung beschäftegt hunn. Si hu Kostumer ugemooss an d'Familljemass fir Dräikinneksdag préparéiert. No der Mass, an där d'Stäresänger an hiirt ganzt Material geseent goufen, hunn d'Kanner sech verkleed als Kinneken, Hierten an Engelen op de Wee bei d'Awunner gemat. A klenge Gruppen hunn d'Kanner de Leit, déi sech virun der Aktioun ugemellt haten, e klengt Lidd gesongen, hunn e Stär iwwerreecht an de Segenssproch un d'Hausdier geschriwwen oder gepescht. D'Stären, déi d'Kanner an den Haiser verdeelt hunn, goufe vu behënnertenErwuessener, déi an engem Atelier vun der Arche zu Aywaille (B) schaffen extra fir deen Dag gebastelt.

Um Tour duerch d'Gemeng konnten d'Stäresänger mat hirem Asaz 2.113,67 € sammelen a goufe vun de Leit doniewt mat Séissegkeete verwinnt. Mat de Suen ënnerstëtzen eis 24 jonk Matbierger engersäits d'Haus "Yancana Huasy" zu Lima an anersaits d'Arche zu Aywaille, déi hinnen d'Stäre fir d'Aktioun gestëft huet. Am Veräinsbau hunn d'Kanner hir grouss Freed mat de Gäscht vum Senioreveräi gedeelt an hunn hinne mat engem klengeStännche fir d'neit Joer gewënscht an e klenge Souvenir iwwerreecht.

"Gracias!" un all eis Stäresänger, déi sech fir dës Aktioun Zäit geholl hunn. Mat hirem Geste hu si souwuel den Awunner hei an der Gemeng, wéi och de Kanner zu Lima an de Bewunner vun der Arche zu Aywaille eng grouss Freed gemat. E grousse Merci och jidderengem deen dës Actioun op déi eng oder aaner Manéier ënnerstëtzt huet, speziell de "Fraen a Mammen" aus eiser Gemeng fir hir Generositéit.

**Sidd Dir interesséiert, datt d'Stäresänger bei enger nächster Aktioun bei Iech doheem passéiren, da kënnt Dir um Tel. 26 31 36 64 (C. CONRAD) uruffen respektive eng Mail op staeresaenger@gmail.com schécken.**



# Generalversammlung

## Pompjeeën

12.01.2019 SCHOUS

**Den 12. Januar haten d'Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech op hir Generalversammlung invitéiert.**

Vill stoung um Programm: Aktivitéits- a Keesserapport an nei Statuten, well säit dem 1. Juli 2018 gëtt et de Corps Grand-Ducal Incendie Sauvetage, an de Corps Fëschbech gëtt et dofir net méi. Mir sinn elo de Centre d'Incendie et de Sauvetage kuerz CIS Fëschbech an deen ass just nach zoustänneg fir Asätz, Übungen, Instruktiounen a Präventioun. Fir awer weiderhin kënnen eis Fester ofzehalen, hu mir d'Statuten vun der "Amicale vun de Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech" eestëmmeg ugeholl. D'Amicale huet den Zweck, den CIS ze ënnerstëtzen, am Finanziellen wéi am Gesellegen. Si ass zoustänneg fir de Kannerfuesbal, d'Kiermesham awer och fir bei de Cortègen vun der Kommioun oder bei der Härläichepréssessioun. Natierlech dierf den Joeresausfluch an d'Generalversammlung net felen, och ausserhalb vun den Asätz ass de kollegialen Zesummenhalt ganz wichteg.

Zum Schluss vun der Generalversammlung huet de Buergermeeschter Fränk Daems an och de President vun der Regioun Osten, de Constant Schwarz e puer Wuert un eis geriicht.





D'Amicale besteet momentan aus 58 Memberen, dovun sinn der 25 am CIS aktiv an 11 si bei de Jugendpompjeeën!

Am Joer 2018 hate mer 45 Asätz vum Bëschbrand bis zur Déiererettung. Elleng eise First Responder war 22 mol am Asaz.

De Chef vum CIS Fëschbech ass de Lucien Karier. Eisen CIS huet am Moment 5 Sektiounscheffen: Luss Brosius, Pol Daems, Andy Frisch, Lucien Karier, Paul Vrehen.


*Bamfall zwëschen Fëschbech a Schous*


*Hausbrand zu Miersch*

**Den neie Comité vun der Amicale sëtzt sech esou zesummen:**

**President:** Luss Brosius

**Vize-President:** Jean-Paul Degraux

**Chef vum CIS:** Lucien Karier

**Jugendleeder:** Lis Karier

**Keessier:** Gilberto Dinis

**Sekretär:** Lucien Karier

**Member:** Daems Mike, Daems Pol, Degraux Laurent, 1 Vakant

**Wann der wëllt Member ginn, dann zéckt net a mellt Iech bei eis. Eis Übungen an Instruktiounen sinn all 2 Wochen Dënschdes resp. Mëttwochs Owes. Eis Jugendpompjeeën hunn hir Übunge Samschdes Moies.**

*Gruppefoto vun de Pompjeeën ob hierem Ausfluch op Oochen am Dezember 2018.*


# Theaterowender

**THEATERVERÄIN** **JANUAR SCHOUS**













Kaviar
oder
Kniddelen





# Mir gi liichten

02.02.2019



ANGELSBIERG





FËSCHBECH




SCHOUS




© Cour Grand-Ducale

*"Mir Kanner komme liichten*
*Mir gi vun Haus zu Haus.*

*Fir Freed a Liicht ze bréngen,*
*Jo, dofir zéie mir aus.*

*Den Härgott soll iech seenen,*
*'t ass eise gréisste Wonsch.*

*Den Härgott soll eis seenen,*
*'t ass eise gréisste Wonsch."*

# Liesmoien

## ELTEREVEREENEGUNG

03.02.2019 ANGELSBIERG

**Den 3. Februar hat d'Elterevereenegung Fëschbech op e Liesmoien mam Luc Marteling an der Maison Relais zu Angelsbierg invitéiert.**

An enger lockerer Ronn kruten d'Kanner an hir Elteren ënnert aneren d'Geschichte vum Linn Lynn, dem Elmar an dem Monster, der Faarfdrëps an der Schnéiflack an dem Buedwaassa-Monsta erzielt.

Tëschenduerch gouf eng gemittlech Kaffi- a Schockipaus gemaach.

D'Elterevereenegung huet sech iwwert déi héich Participatioun gefreet a seet jidderengem Merci dee gehollef huet.















# Choucroute

## SPUERVERÄIN

10.02.2019 SCHOUS

**Den 10. Februar 2019 huet de Spuerveräin "En Apel fir den Duuscht" op eng Choucroute garnie invitéiert an zwar op d'Heicht.**

Am ganzen huet de Veräin 171 Menuen zerwéiert, natierlech mat Kaffi a Kuch.Och haten mir eng schéin Tombola, di bei eise Gäscht gutt ukomm ass.E grousse Merci un all eis Memberen an un all déi Leit déi derzou beigedroen hunn, dass dëst Fest esou e grousse Succés hat. Mir invitéiern elo schons op déi next Choucroute, déi den 9.Februar 2020 organiséiert gëtt.









# Hierkeniessen

## SENIOREVERÄIN

15.02.2019 SCHOUS

**De 15. Februar 2019 war dem Senioreveräin aus der Gemeng säin traditionellt Hierkeniessen.**

Am ganzen hate mir 100 Hierkemenuen a 25 Hameschmieren zerwéiert. Dat war e Succès. Notéiert elo schons den 14.Februar 2020 fir eisen nächsten Hierkenowend.







# Kannerfuesbal

## POMPJEEËN

**24.02.2019 SCHOUS**

**Och dëst Joer wor neess eng mega Fuesstëmmung op der Héicht um Kannerfuesbal vun der Amicale vun de Pompjeeën Gemeng Fëschbech. Mat flotte Spiller hunn eis Animateure fir vill Spaass bei Grouss a Kleng gesuergt!**
















# Mir ginn heeschen




**28.02.2019**

**Wéi d'Traditioun et an eiser Gemeng wëll, sinn och dëst Joer d'Schoulkanner op "Fettendonneschden" vun Dier zu Dier gaangen.**

Virun enger Rei Joren war et nach e gängege Brauch fir Miel an Eeër ze sammelen fir doraus Fuesent ze baken. Haut hiewen d'Kanner Séissegkeeten a Suen op an behalen dës Traditioun vum "Heeschegoen", déi et net am ganze Land gëtt, bäi.








# Hexebal

**CLUB DES JEUNES**

**01.03.2019 SCHOUS**






















LT PHOTOGRAPHY

# Buergbrennen





FËSCHBECH
09.03.2019



ANGELSBIERG
10.03.2019











**SCHOUS**
**10.03.2019**



# Generalversammlung

## GAART AN HEEM

**15.03.2019 SCHOUS**

**De 15. Mäerz war déi lescht Generalversammlung vum Gaart an Heem Gemeng Fëschbech. No ville Beméiungen vu Säite vum Comité war et nämlech net méiglech genuch Leit zesummen ze kréien fir mam Veräin virun ze fueren. Duerfir gouf d'Entscheedung getraff fir de Veräin opzeléisen.**

Bei dëser Geleegenheet goufe 4 Schecken am Gesamtwert vun 8.000 Euro iwwerreecht. Mir haten eis dofir d' ASA Asbl erausgesicht déi Assitenzhënn ausbilde léisst, d'Wonschkutsch Asbl, déi sech em Wënsch vu Palliatifpatiente këmmert, d'Angsber Schoul fir Projeten ronderëm eis Schoul ze finanzéieren an de Club des Jeunes deen eng massiv Bänk aus einheimëschen Hëlzer fir hiirt Clubhaus kritt.



# Generalversammlung

## SENIOREVERÄIN

**17.03.2019 SCHOUS**



**De 17. März 2019 huet de Senioreveräin Gemeng Fëschbech seng 15. Generalversammlung am Veräinshaus "Op der Héicht" ofgehalen.**

D'Presidentin Marie-Louise Haas-Erpelding konnt ronn 65 Membere begréissen, ënner aneren och den Buergermeeschter Fränk Daems, deen e puer léif Wierder un eise Veräi geriicht huet.

Ënnert der Leedung vun der Mme Josette Buschmann hunn eis jonk gebliwwe Seniorinnen e puer flott Dänz opgefouert.

Duerno ass bei Kaffi a Bond eng schéin Tombola ausgespillt ginn. Nach eng Kéier e grousse Merci un eis Sponsoren a bis d'nächst Joer.






# Die Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous unterstützt Kirchenfond der Pfarrei Mersch St-Franziskus sowie die "Kolping"-Vereinigung mit jeweils 1.000 €

**Anlässlich der diesjährigen feierlichen Cäcilienmesse überreichte die Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous einen Scheck von jeweils 1000 € an den Präsidenten Paul Derkum vom Kirchenfond der Pfarrei Mersch St-Franziskus sowie an die Präsidentin Marie-Jeanne Brauch vom Kolping-Verein.**

Chorpräsident Hubert Lanckohr dankte in einer kurzen Ansprache allen Beteiligten, die beim diesjährigen Pfarrfest geholfen haben und es somit ermöglichten, dass der Verein, wie jedes Jahr, 2000 € an soziale Werke weiterreichen kann. Die Entscheidung vom Vorstand diese beiden Vereinigungen zu unterstützen hat der Präsident damit begründet, dass der Chor seinen Beitrag leisten möchte, damit die Pfarrei auch in Zeiten von Trennung von Kirche und Staat ihre pastoralen Aufgaben bestmöglich erfüllen kann. Mit der Kolping Vereinigung verbindet der Chor eine große Freundschaft und beide Vereine haben schon öfters in der Vergangenheit zum Wohle benachteiligter Menschen zusammengearbeitet.

Marie-Jeanne Brauch, bedankte sich für den Scheck und teilte mit, dass das Geld in einem Pilotprojekt im Kongo Verwendung finden wird. In der Tat unterstützt Kolping ein Projekt von Koordinator Abbé Georges Kalenga in dem sich die Kongolesen praktisches Wissen über Tierhaltung und Tierzucht aneignen können. Frau Brauch konnte schon von ersten Erfolgen berichten und hat versprochen die Mitglieder und alle Interessierten auf dem Laufenden zu halten.
Paul Derkum, Präsident vom Kirchenfond der Pfarrei Mersch, bedankte sich seinerseits für die Spende und gab Erklärungen zur Entstehung und Arbeitsweise des neu gegründeten Fonds. Der Fond ersetzt bekanntlicherweise die 285 Kirchenfabriken die vor dem Gesetz vom 13. Februar 2018 für die finanziellen Belange einer Pfarrei zuständig waren. Das gespendete Geld wird in der Pfarrei Mersch-St-Franziskus, die sämtliche Pfarreien auf dem Gebiet der zivilen Gemeinden Mersch, Lintgen, Lorentzweiler und Fischbach umfasst, eingesetzt. Das Geld dient dazu, Projekte der früheren Pfarreien Fischbach und Meysemburg-Angelsberg zu unterstützen.

# Albinusfeier

**17.03.2019 FËSCHBECH**





*Erneierung vum Dafverspriechen*









*Seenung vun den Trakteren*















D'Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech hate Sonndes de 17. Mäerz no der Albinusfeier op hire Feierläscherapéro invitéiert. Niewent engem Patt an engem klenge Maufel konnt een sech iwwert Rauchmelder a Feierläscher informéieren, se kafen awer och kontrolléiere loossen.

# Ouschterrally

## ELTEREVEREENEGUNG

**31.03.2019 FËSCHBECH**

**Bei prächtegem Wieder hat d'Elterevereenegung Fëschbech zesumme mam Ouschterhieschen dëst Joer den 31. Mäerz 2019 fir den Ouschterrally op Fëschbech invitéiert.**

Si konnt sech iwwer 180 Umellunge freeën, déi all houfreg op d'Sich no den Kierwercher vum Ouschterhiesche waren.

Ob de Spuren vum Hieschen iwwert Feldweeër, duerch Felder a Bësch, an no enger klenger Stäerkung vum Bësch-Comptoir déi dem Hieschen seng Bëschkollegen prett gestalt haten, hunn all déi 174 Kannerféiss dem Hieschen seng Kierwercher fonnt.

Als Belounung fir d'Sich gouf et natierlech eppes Klenges vum Hieschen fir d'Kanner an gemittlech eppes ze drenken an z'iessen fir Grouss a Kleng. D'Eltereverenegung huet sech immens iwwert déi vill Umellunge gefreet.









D'Equipe vun der Elterevereenegung Fëschbech

















# GOAL! 1-0
# fir d'Sandy Sauber



**An eiser Serie Iech Leit aus der Gemeng virzestellen, mat net alldeeglechen Hobbyen, si mir dës Kéier um Schiltzbierg op eng jonk Fra gestouss, déi hei zu Lëtzebuerg an och am Ausland bedeitend Erfolleger am Dammefussball opzeweisen huet.**

D'Sandy Sauber ass den 2 Juni 1997 gebuer an et spillt säit 2004 Fussball.

Dat Ganzt ass ugaangen, wéi et mat den Elteren, dem Brudder, deen eigentlech wollt an den Lënster Fussballveräin goen, nokucke wollt.

Gläich huet et hatt och gepaakt an et huet bis 2012 an der Jongenéquipe matgekickt. Zu där Zäit sinn et nämlech keng Meederchersequipen bei eis am Land ginn.

Mat 14 Joer ass et dunn direkt an d'Dammenequipe vu Jonglënster opgeholl ginn. Vun 2015 bis 2017 huet et fir de Lëntgener Dammefussball säi Bescht ginn.

Di jonk Damm studéiert säit 6 Semester zu Landau Erzéiungswëssenschaften a Sonderpädagogik, dofir war et fir si eng zousätzlech Erausfuerderung an eemoleg Chance beim FC Speyer 09 an der däitscher Bundesliga dierfen ze spillen.

Dass dat hir ganz gutt gelongen ass, beweist di Tatsaach, dass hireVeräin, deen an der 3.Liga spillt den Opstig an di 2.Bundesliga nëmmen knapp verpasst huet.

D'Sandy Sauber war mat hirer lëtzebuerger Equipe dräimol Lëtzebuerger Champion, si huet zweemol di Lëtzebuerger Coupe gewonnen an zweemol den nationalen Footsalltournoi fir sech entscheed.

Ausserdeem huet si scho 15 mol bei engem Lännermatch mat gespillt, an huet dobäi souguer e Goal fir Lëtzebuerg markéiert. Si war awer och scho mat 12 Joer an der U15 Nationalequipe.

Si ass en defensiven Mëttelfeldspiller, an huet wuel vill giel Kaarte kritt, wéinst takteschen Fouls, wat op där Positioun normal ass, wéi si mir erkläert huet.

Trotz enger schwéierer Verletzung un de Kräizbänner am Knéi, wou si e Joer quasi ganz ausgefall ass, wëll si nach esou bal net mat dësem Sport ophalen.

Dat Schéint drunn, sinn di vill Matspillerinnen an den Teamgeescht. All Weekend, wou d'Matcher sinn, stellen sech nei Erausfuerderungen, déi et gëllt zesummen unzegoen.

Interessant ass fir si och, dass eng ganz Saison op en Zil hi geschafft gëtt, wat e ganzt Team versicht ze erreechen.

Dass si eng motivéiert an zilorientéiert jonk Fra ass, déi an hirem Sport immens vill Freed an Erfëllung fënnt, trotz dem groussen Zäitopwand, deen e verlaangt, konnt ech bei dësem Interview däitlech spieren, an ech wënschen hir nach vill Succès a Spaass derbäi fir d'Zukunft.








REPORTAGE

49

# Die Kapelle von Weyer

**Laut einer Sage aus dem Sagenschatz des Luxemburger Landes von Nicolas Gredt (1883):**

*Die Kirche von Weyer wurde durch den Prinzen von Schwarzenburg, der vor etwa siebenhundert Jahren auf dem Schlosse zu Fischbach wohnte, erbaut und zwar durch folgende Veranlassung.*

*Des Schloßherrn Schwester traf einst auf einem Spaziergange eine halbe Stunde unterhalb Fischbach einen Weiher an, in dem sie ein Muttergottesbild fand. Ihr Bruder, ein sehr frommer Mann, ließ an dieser Stelle eine Kapelle erbauen, in welcher die Madonna aufgestellt wurde. Nach und nach siedelten sich um diese Kapelle Leute aus der Umgegend an, zumal der Prinz von Schwarzenburg die Kolonie begünstigte. Es entstand auf diese Weise das Dorf, das zum Andenken an den Fund den Namen Weyer annahm.*

*Der Prinz ließ sich eine Gruft unter dem Muttergottesbilde bauen und ward auch dort begraben. Er schenkte dem Dorfe mehrere schöne Waldungen, an denen diese Gegend so reich ist. Dieselben gingen dem Dorfe aber wieder verloren in den Wirren, welche Napoleons I. Kriege über unser Land brachten. Zugleich kam der Brauch auf, aus den umliegenden Ortschaften einen Bittgang nach dem Muttergottesbilde zu Weyer zu halten, um Regen zu erbitten, ein Brauch, der auch heute noch besteht.*





Es wird angenommen, dass die Kapelle bereits im 16. Jahrhundert bestand. Aus einem noch erhaltenen Akt jedenfalls geht hervor, dass sie im Jahr 1600 schon vorhanden war. Im 18. Jahrhundert stand das Kirchlein als Wallfahrtsort zu Ehren der heiligen Muttergottes in hohem Ansehen. An den Festen der Himmelskönigin zog das gläubige Volk von allen Seiten her nach Weyer. Diesem Brauch wurde wohl zu Zeiten der französischen Revolution ein Ende gesetzt.

Im Inneren der Kirche sind die Wappen verschiedener fürstlicher Familien in Stein ausgeführt. Dieselben weisen auf die ehelichen Verbindungen zwischen derer von Schauwenburg, v. Barbanson, v. Naves und v. Schwartzenberg hin.

Die zugemauerte Tür auf der rechten Chorseite aus unserem Fotorätsel trägt außen über ihrem Rundbogen eine Steinplatte mit zwei Wappen, links das derer von Schwartzenberg, rechts von Naves sowie die Jahreszahl

1613.Selbige Tür führte früher wohl zum Kirchhof und zum Vikarshaus.1671 wurde auf der anderen Chorseite eine nicht mehr vorhandene Sakristei errichtet wie aus einer Inschrift mit dieser Jahreszahl oben auf der inneren Umrahmung hervorgeht.

In der schön skulptierten Nische in der Giebelwand steht heute eine Kopie einer Muttergottesstatue aus Sandstein die noch im Original erhalten ist.

Zwei Chorpulte wurden 1904 und 1905 der Pfarrei Junglinster verkauft. Eines davon aus Eichenholz stellt einen Adler mit ausgebreiteten Flügeln dar und dient auch heute noch dort als Lesepult.

Des Weiteren existieren zwei Muttergottesstatuen aus Holz die im Nationalmuseum aufbewahrt werden.

Im zweiten Weltkrieg waren im Winter 1944 in Weyer amerikanische Soldaten stationiert, die die Kapelle als Nachtlager umfunktionierten. Da sie in dieser schweren Zeit nicht sehr zimperlich waren bei der Wahl der Mittel zum Zweck, wurden leider die Sitzbänke, die beiden Seitenaltäre und die Beichtstühle als Heizmaterial verbrannt. Als mein Großvater, Jean Kolber, dies bemerkte, stellte er den Soldaten Brennholz zur Verfügung, wodurch der Hauptaltar diesem Schicksal mit knapper Not entging, heute aber trotzdem verschollen ist.



**Original Muttergottes-statue aus Stein**

*(kann dies vielleicht das Muttergottesbild aus der Sage um die Gründung der Kapelle sein?)*

*Foto: Beatrice Fournelle*



Am 12. Mai 1968 wurde auf Initiative vom damaligen Fischbacher Pfarrer Camille Minette eine Messe gelesen, an der mehr als 100 Gläubige teilnahmen. Vorher hatte unter seiner Leitung eine Gruppe von Scouts die Kapelle gesäubert und hergerichtet.

Meiner Meinung nach fand auch danach noch mindestens einmal eine Messe statt, dies im Extremjahr 1976 um Regen zu erbitten. (Es könnte aber auch schon im Jahr davor gewesen sein, weil auch 1975 schon sehr trocken war)

Den Leuten, die sich daran erinnern, wäre ich sehr verbunden, wenn sie ihre Erinnerungen mit mir teilen könnten.

Heute werden in der Kapelle Bestandteile von Wegkreuzen ausgestellt aus den Lagern vom Service des Sites et Monuments Nationaux.

*Marc KOLBER / mkolber@pt.lu*

# 2019

**Schéckt eis är Manifestatioun op:**
**gemengeblat@acfischbach.lu**

## MEE

**01** **EISCHT MEEFEIER & GV**
*Schous* / Wiichtelcher

**05** **RANDONNÉE**
*"Bloen Eck" - Steeën*
VC Filano & FC Medernach

**12** **SPARGELIESSEN**
*Schous* / Senioreveräin

**17** **KONTINENTFEST**
*Schous* / Angsber Schoul

**18** **ÉISCHT KOMMIOUN**
*Fëschbech* / Kathoulesch Kierch

**26** **EUROPAWALEN**
*Fëschbech* / Gemeng

## JUNI

**02** **MAMMENDAGSFEIER**
*Schous* / Senioreveräin

**11** **BUS OP D'SPRANGPRËSSESSIOUN**
*Schous* / Kultur-a Veräinskommissioun

**15** **NOPESCHFEST**
*Fëschbech* / Fëschber Nopeschfest

**22** **VIROWEND NATIONALFEIERDAG**
*Schous* / Gemeng

**23** **HÄRLEICHEPRËSSESSIOUN**
*Meesebuerg* / Chorale & Kathoulesch Kierch

**30** **CONCERT ORGUE & FLÛTE**
*Fëschber Kierch* / Kultur- a Veräinskommissioun

## JULI

**04** **GRILLPARTY**
*Schous* / Senioreveräin

**12** **SCHOULFEST**
*Schous* / Elterevereenegung & Angsber Schoul

**14** **TRËPPELTOUR**
Wiichtelcher vu Schous

**21** **PARFEST**
*Schous* / Chorale

## AUGUST

**15** **WËSCH**
*Schous an der Kapell* / ACFL & Kathoulesch Kierch

**THÉ DANSANT**
*Schous* / SCCK Supporter Club

## SEPTEMBER

**01** **FLOUMAART**
*Schous* / Senioreveräin

**15** **RANDONNÉE VTT**
*Bierkelt-Fiels* / VC Filano

**RANDONNÉE DU CENTRE**
12 communes an Sportskommissioun

## OKTOBER

**03** **PAPPENDAGSFEIER**
*Schous* / Senioreveräin

**04 - 06**
**BILLERAUSSTELLUNG**
*Schous* / Kultur-, Veräins- an Emweltkommissioun

**06** **KIERMES**
*Angelsbierg*

**13** **JOURNÉE DU GRAND AGE**
*Schous* / Senioreveräin

## NOVEMBER

**10** **SCHLUECHTFEST**
*Schous*

**17** **KIERMESHAAM / DANZMUSEK**
*Schous*
Pompjeeën

**KIERMES**
*Fëschbech a Schous*

## DEZEMBER

**01** **FAIRETRADEKAFFI**
*Schous* / Fairtradegrupp

**04** **KLEESCHEN**
*Angsber Schoul* / Gemeng Fëschbech

**05** **KLEESCHEN**
*An der Gemeng* / Club des jeunes

**14** **GENERALVERSAMMLUNG**
*Schous* / Theaterveräin

**15** **CONCERT MAT DE RÉIDENER JUECHTBLÉISER**
*Fëschbech* / Kultur-a Veräinskommissioun

# 2020

## JANUAR

**05** **KAFFISKRÄNZCHEN**
*Schous* / Senioreveräin

**11** **GENERALVERSAMMLUNG**
*Schous* / Pompjeeën Gemeng Fëschbech

**18/19/24/25**
**THEATEROWEND / MËTTEN**
*Schous* / Theaterveräin

## FEBRUAR

**02** **LIICHTMESDAG**
Schoulkanner

**09** **CHOUCROUTE GARNIE**
*Schous* / Spuerveräin

**14** **HIERKENIESSEN**
*Schous* / Senioreveräin

**16** **KANNERFUESBAL**
*Schous* / Pompjeeën

**20** **FETTEN DONNESCHDEN**
Schoulkanner

**21** **HEXEBAL**
*Schous* / Club des Jeunes

**23** **MAM BUS OP CAVALCADE**
Club des Jeunes

**29** **BUERGBRENNEN**
*Fëschbech* / Amicale Maarkollef

## MÄERZ

**01** **BUERGBRENNEN**
*Angelsbierg* / Club des Jeunes

**BUERGBRENNEN**
*Schous* / Wiichtelcher

**15** **GENERALVERSAMMLUNG**
*Schous* / Senioreveräin

**Bistro**




***All leschte Freideg am Mount as de Bistro an der Keilchen zu Fëschbech op.***

***Organisator:***
***Maarkollefen vu Fëschbech an Wiichtelcher vu Schous***

# Mir gratuléieren



Madame Liz HUYNEN

**De Buergermeeschter Fränk Daems zesumme mat senge Schäffen Patrick Grotz a Luss Brosius aus der Gemeng Fëschbech haten d'Éier dem Liz Pinckers-Huynen fir säi 85.ten Gebuertsdag ze gratuléieren. An enger klenger Feierstonn zu Schous beim Liz doheem hunn si eng flott Coupe iwwerreecht an iwwert déi al Zäit gepotert.**

D'Liz Huynen ass de 6. Februar 1934 zu Schinnen (NL) op Welt komm. 1954 ass d'Liz mat senger Famill op Lëtzebuerg komm. Fir d'éischt hu si um Cents gewunnt. 1958 huet d'Liz den Antoine Pinckers zu Hamm an der Kierch bestuet an ass dunn op Käl geplënnert. Duerno waren se nach e puer Joer zu Miedernach an och erëm an Holland.

1975 huet et d'Famill Pinckers-Huynen neess op Lëtzebuerg gezu wou si dunn zu Schous de Cannivis -Haff gepacht hunn. Aus dem Bestietnes sinn 3 Kanner, 5 Enkelkanner an 2 Urenkel ervirgaangen.

Dem Liz säi Mann ass 1991 gestuerwen. Mee säit gutt 11 Joer huet d'Liz den Henk mat deem et duerch d'Liewe geet. Den Henk ass ëmmer fir d'Liz do a si ginn zesummen duerch deck an dënn.

De Schäfferot wënscht hinnen zwee nach vill schéi Joren zesummen an eiser Gemeng!



**Den 30.03.2019 huet den Charel Thilgen vun Schous, häitegen Éierebuergermeeschter an laangjähregen Buergermeeschter vun der Gemeng Fëschbech säin 80.ten Gebuurtsdag gefeiert. De Buergermeeschter Fränk Daems zesumme mat sengen Schäffen Patrick Grotz a Luss Brosius hun sech et net huele geloss dem Charel Thilgen bei der Geleenheet ze gratuléieren.**

An enger gemittlecher Feierstonn, fir déi d'Gemengenresponsabel den 01. Abrëll op d'Fëschber Gemeng invitéiert haaten, kruut den Charel Thilgen een klengen Cadeau iwwerreecht an huet bei engem Pättchen aus der Vergaangenheet gezielt.

Den Charel Thilgen gouf den 30. März 1939 als jëngsten vun zwee Bridder zu Schous gebuer an huet domat den 2. Weltkrich, déi däitsch Besatzung awer och d'Befreiung vun den Alliéierten Hautnoh materliewt. D'Primärschoul huet de Charel zu Schous besicht ier et duerno an d'Ackerbauschoul goung. No engem kuerzen Openthalt an der Ackerbauschoul ass et dunn iwert d'Handwierkerschoul an den Technikum gaangen. No senger Ausbildung huet de Charel an den 60er Joeren op der Post ugefaangen, opwuel säin Häerz ëmmer fir de Beruf vum Maschinist op der Bunn geschloen huet, esou hu mir eis soen geloss. De Charel ass Jonggesell a wunnt haut an senger Pensioun zu Schous an sengem Heemechtshaus.

An der Gemengepolitik huet den Charel den 01. Januar 1976 säin éischt Mandat als Buergermeeschter vun der Gemeng Fëschbech ugetrueden. Wéi mir alleguer wëssen, sollt et net bei engem Mandat bleiwen! Mat vill Begeeschterung huet hien dem aktuellen Schäfferot e puer flott Erliewnësser an Erfaarungen aus sengen Mandats-Perioden vun deemols erzielt.

De Schäfferot wënscht dem Charel all Guddes, vrun allem eng gudd Gesondheet, nach vill schéin Joeren an eiser Gemeng a seet villmols merci fir deen opschlossräichen an interessanten Ausfluch an d'Zäit.



Här Charles THILGEN



**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Du lundi au vendredi de 08h30 à 11h30**
**Jeudi de 14h00 à 18h00**
**Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**

| | |
|---|---|
| Secrétariat | 32 70 84 - 42 |
| Bourgmestre: DAEMS Fränk | |
| frank.daems@acfischbach.lu | |
| 1 Échevin: GROTZ Patrick | |
| patrick.grotz@acfischbach.lu | |
| 2 Échevin: BROSIUS Lucien | |
| luss.brosius@acfischbach.lu | |

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**

| | |
|---|---|
| secretariat@acfischbach.lu | |
| THILL Viviane | 32 70 84 - 42 |
| viviane.thill@acfischbach.lu | |
| HOTTUA Daniel | 32 70 84 - 20 |
| daniel.hottua@acfischbach.lu | |

**BUREAU DE LA POPULATION**

| | |
|---|---|
| population@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| HOFFMANN Serge | 32 70 84 - 21 |
| serge.hoffmann@acfischbach.lu | |

**RECETTE COMMUNALE**

| | |
|---|---|
| recette@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |

**SERVICE TECHNIQUE**

| | |
|---|---|
| technique@acfischbach.lu | |
| BECKERS Romain | 32 70 84 - 22 |
| romain.beckers@acfischbach.lu | |

**SERVICE FORESTIER**

| | |
|---|---|
| MOLITOR Olivier | 87 96 49 |
| olivier.molitor@anf.etat.lu | |

mec asbl – mouvement pour l'égalité des chances … pour tous!

## Recherche formateurs agréés en langue luxembourgeoise

**Le Mouvement pour l'Egalité des Chances pour Tous, MEC asbl cherche pour la rentrée de septembre 2019, un/une formateur/trice de langue luxembourgeoise tous niveaux, pour enseigner le luxembourgeois dans la région Mullerthal.**

Les personnes doivent être détentrices d'un agrément pour l'enseignement de cours d'adultes émis par le Ministère de l'Education Nationale.

**Intéressés?**
Merci de nous contacter à **info@mecasbl.lu**

mec asbl – mouvement pour l'égalité des chances … pour tous!

## Formatioun fir Babysitter ze ginn

**Du gëss gutt mat Kanner eens? Du wëlls der mat Babysitting e kléngt Täschegeld verdéngen? Du wëlls nach méi iwwert den Ëmgang mat Kanner léieren a bass motivéiert bei enger Formatioun matzemaachen?**

Da mell dech bis den 31. Mee 2019 ënnert folgender E-mail-Adress **info@mecasbl.lu** an deel eis däi Virnumm, däi Familljennumm, deng Adress, deng Telefonsnummer an däi Gebuertsdatum mat. Fir un dëser Initiativ deelzehuele muss du mindestens 15 Joer al sinn.

Ofhängeg vun der Zuel vun den Aschreiwungen, wäert de MEC asbl an Zesummenaarbecht mat Gemeng Fëschbach am Hierscht 2019 eng Formatioun fir Babysitteren ubidden. Dës fënnt iwwer zwee Nomëtteger statt an ass op Lëtzebuergesch. Dobäi ginn déi psychologesch, pedagogesch an medezinesch Aspekter vun der Kannerbetreiung ugeschwat.

**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l’église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu

